



6. Februar 2021 / 41

Wäert Jugendleeder, Jugendleederinnen,
Stellvertrieder, wäert Kollegen,

D'Joer 2021 ass do a mir dierfen als
Jugendsektiounen och, awer ënnert Restriktiounen,
nees mat de Kanner schaffen.

Et mierkt een hinnen wierklech un, dass si nees
wëllen. Guidelines – Aktivitéiten vun de
Jugendpompjeeën Update Januar 2021(NDS
20210114) ginn iech nachmols ee klengen Abléck op
schaffen an ewéi mir am beschten duerch dës Kris
kommen.



Virun all Aktivitéit soll de Jugendleeder deene Jonken d'Gestes barrières an déi allgemeng
Verhaltensreegele widderhuelen:

- Ofstand vun 2 Meter anhalen
- Mask droen (dobannen an dobaussen)
- Hänn regelméisseg wäschen oder desinfizéieren
- An den lelebou houschten oder néitsen
- Moie soen ouni sech unzepaken
- Eewee-Nuesschnappecher benotzen an direkt nom Benotzen an eng Poubelle geheien
- Regelméisseg léften (virun an no all Aktivitéit dobannen – a während enger Aktivitéit dobannen Dir oplossen an d'Fënsteren op Kipp stellen, respektiv regelméisseg grouss léften).

Mir sinn als Jugendausschoss och frou, dass sech bis dato keen Jugendlechen an enger Kasär mat Covid
ugestach huet a dëst wéisst Disziplin bei eisen Moniteur, hirem Staff an eisen Jugendlechen. MERCI

Formatiounen:

An der nächster Woch sinn Gespréicher mam INFS wou dann de leeschte Schléf a Saachen "Formation
continue" gemaach gött, dass dëst deemnächst ulafen kënnen.

Och nodeems elo den neien Educateur-gradué ernannt gouf, wäert dësen gläich mat senger Aarbecht
ufänken a mir hoffen op eng gutt Zesummenaarbecht. Mir hoffen iech dësen an engem vun deenen
nächsten Newsletteren virstellen ze kënnen.

Merci am Numm vum JFA!

INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)

Wichtegen Message säitens DPV:

Direction des moyens logistiques

Affaire suivie par : Alain DI GENOVA

Objet : Note d'information quant à l'approvisionnement des effets d'habillement des jeunes pompiers

Mesdames, Messieurs

La Commission des jeunes pompiers et la Direction des moyens logistiques ont le plaisir de vous annoncer que les effets d'habillement seront intégrés dans les chaînes logistiques d'habillement du CGDIS par l'intermédiaire des stocks zonaux au début de l'année 2021.

L'intégration de ces effets d'habillement a été planifiée en commun avec la Commission des jeunes pompiers et l'organisation des structures d'approvisionnement sera organisée de manière suivante :

1. Le Chef d'unité jeunes pompiers évalue les types, les quantités et les tailles des effets d'habillement pour le nombre de ses jeunes pompiers.
2. Le Chef d'unité jeunes pompiers télécharge le bon de commande jeunes pompiers par l'intermédiaire de la plateforme Dynaforms sous le répertoire <https://dynaforms.cgdis.lu/home/documents/forms/logistics>. Le Chef d'unité jeunes pompiers signe le bon de commande dûment rempli.
3. Le Chef d'unité jeunes pompiers transmet le bon de commande au Chef de centre pour autorisation qui par la suite signe le bon de commande afin de confirmer son accord.
4. Le Chef de centre transmet le bon de commande pour autorisation au Chef de zone.
5. Après validation par le Chef de zone ou de son représentant, la commande sera traitée et préparée au sein du stock zonal de la zone respective. Le Chef de centre sera informé par le bureau du stock zonal sur les modalités de transfert des effets d'habillement au CIS.

La Commission des jeunes pompiers a transféré les restants des effets d'habillement de son stock vers les stocks du CGDIS. Compte tenu que la quantité des effets d'habillement ne suffit pas à approvisionner tous les CIS, le CGDIS a mis en commande des nouveaux effets, lesquels sont planifiés d'être livrés pour au plus tard juin 2021.

Néanmoins, nous vous proposons pour les unités qui n'ont pas encore été dotées de nouveaux effets de bien vouloir déclarer vos besoins par voie des bons de commande. Cette voie de procéder nous permettra de redresser les commandes en cours afin d'optimiser par après l'approvisionnement des CIS.

Vu que la morphologie des jeunes pompiers change à cadence plus importante, le Chef de zone fait valoir un surplus de dotation lors d'une commande afin de limiter les commandes récurrentes.

Le Chef de centre et le Chef de l'unité jeunes pompiers sont responsables des habillements mis à leur disposition et assurent l'échange d'effets par l'intermédiaire de leur stock local. Les effets dont l'usure ou la détérioration a été constatée, sont renouvelés par échange standard ou par équipements reconditionnés. A cet égard, un bon de commande sera établi et les effets détériorés seront remis au stock zonal.


En espérant améliorer le service de gestion des effets d'habillement des jeunes pompiers, la Commission des jeunes pompiers et le CGDIS ont décidé en commun accord d'engager cette nouvelle voix d'approvisionnement par l'intermédiaire des structures existantes du CGDIS.

Direction des moyens logistiques



Alain DI GENOVA
Directeur

Commission des jeunes pompiers



Frank Hermes
Président

Ewéi dir an dëser NDS gesitt, gëtt ausdeelen vun den Uniformen ab dësem Joer duerch den CGDIS, méi präzis DML mat hiren Zonen iwwerholl. Mir als JFA sinn frou, dass des Zesummenaarbecht an deenen leeschten 1 ½ Joer super geklappt huet. Bei Froen stinn mir iech a natierlech der DML ëmmer zur Verfügung.

Formulären wäert dir op dynaforms fannen: <https://dynaforms.cgdis.lu/home/documents/forms/logistics>.

Direction des moyens

logistiques

Département charroi et logistique

Version 1.0

2021/01

Tenues de jeunes-pompiers *Bon de commande*

Nom du CIS : <input type="text"/>	Date : <input type="text"/>
Nom et prénom : <input type="text"/>	Matricule CGDIS : <input type="text"/>
Adresse e-mail: <input type="text"/>	N° téléphone : <input type="text"/>

Le bon de commande doit être envoyé sous forme électronique au stock zonal concerné :

- Zone Centre: zone-centre-logistique@cgdis.lu 49771-3090
- Zone Est: zone-est-habillement@cgdis.lu 49771-4090
- Zone Nord : zone-nord-habillement@cgdis.lu 49771-5090
- Zone Sud : zone-sud-habillement@cgdis.lu 49771-6040

Les tailles indiquées dans le tableau ci-dessous sont des tenues enfants. Pour tout jeune-pompier nécessitant, de par sa morphologie, des tenues F1 « adultes », veuillez remplir la deuxième page du présent document en vous basant sur le tableau « Tailles tenues SP-F1 » qui est également disponible sur Dynaforms.

1. Tailles enfants

Description de l'article	Tailles et quantités					Unité
	08 ans	10 ans	12 ans	14 ans	16 ans	
Pantalon JSP-F1						pièces
Veste JSP-F1						pièces
Polo JSP-F1						pièces
Sweat JSP-F1						pièces
Softshell JSP						pièces
Gants JSP	taille 04	taille 06	taille 08	taille 10		pièces
Ceinture étoffe	110 cm	120 cm	130 cm			pièces
Casque Gallet F2-Xtrem JSP – orange						pièces
Baseball-Cap JSP						pièces
Velcro Grade JSP	rouge	argent	or			pièces
Velcro CGDIS						pièces

Corps grand-ducal d'incendie et de secours – Direction des moyens logistiques – Département charroi et logistique

1, rue Robert Stümper L-2557 Luxembourg · Tél. +352 49771-2838 · dml-habillement@cgdis.lu · www.cgdis.lu

Établissement public · R.C.S. LUXEMBOURG J64 · Matricule national : 2018 52 000 36

2. Tailles adultes

Description de l'article	Tailles et quantités				Unité
Pantalon SP-F1	<input type="text"/>	<input type="text"/>	<input type="text"/>	<input type="text"/>	pièces
Veste SP-F1	<input type="text"/>	<input type="text"/>	<input type="text"/>	<input type="text"/>	pièces
Polo SP-F1	<input type="text"/>	<input type="text"/>	<input type="text"/>	<input type="text"/>	pièces
Sweat SP-F1	<input type="text"/>	<input type="text"/>	<input type="text"/>	<input type="text"/>	pièces
Softshell SP	<input type="text"/>	<input type="text"/>	<input type="text"/>	<input type="text"/>	pièces

Signature du chef d'unité
jeunes pompiers

Signature du chef CIS
ou de son remplaçant

Signature du chef de zone
ou de son remplaçant

Héi Modell Formular deen iech bei groussen Gréissten hëlleft.


Tailles - Tenues SP-F1

Pantalons SP-F1

Tour de taille (cm)		68-72	72-76	76-80	80-84	84-88	88-92	92-96	96-100	100-104	104-108	110-112	112-116	116-120	120-124	124-128
Tour de hanche (cm)		86-90	90-94	94-98	98-102	102-106	106-110	110-114	114-118	118-122	122-126	126-130	130-134	134-138	138-142	142-146
Taille du pompier (cm)	< 164	72 C	76 C	80 C	84 C	88 C	92 C	96 C	100 C	104 C	108 C	112 C	116 C	120 C	124 C	128 C
	164-176	72 M	76 M	80 M	84 M	88 M	92 M	96 M	100 M	104 M	108 M	112 M	116 M	120 M	124 M	128 M
	176-188	72 L	76 L	80 L	84 L	88 L	92 L	96 L	100 L	104 L	108 L	112 L	116 L	120 L	124 L	128 L
	> 188	72 XL	76 XL	80 XL	84 XL	88 XL	92 XL	96 XL	100 XL	104 XL	108 XL	112 XL	116 XL	120 XL	124 XL	128 XL

Vestes SP-F1

Tour de poitrine (cm)		76-80	84-88	92-96	100-104	108-112	116-120	124-128	132-136	140-144
Taille du pompier (cm)	< 164	80 C	88 C	96 C	104 C	112 C	120 C	128 C	136 C	144 C
	164-176	80 M	88 M	96 M	104 M	112 M	120 M	128 M	136 M	144 M
	176-188	80 L	88 L	96 L	104 L	112 L	120 L	128 L	136 L	144 L
	> 188	80 XL	88 XL	96 XL	104 XL	112 XL	120 XL	128 XL	136 XL	144 XL



Polo SP-F1, Sweat SP-F1, Softshell SP

Tour de poitrine (cm)	80-84	84-90	90-96	96-104	104-112	112-120	120-128	128-136	136-144	144-152
Taille	XS	S	M	L	XL	2XL	3XL	4XL	5XL	6XL


N.B.: Les présents tableaux peuvent être considérés comme points de repère afin de déterminer les tailles appropriées des tenues SP-F1. Les tailles réelles peuvent pourtant varier par rapport aux tailles indiquées dans les tableaux.

Hei sinn Datumer vun deenen nächste Sportstester an Aschreiwung gëtt just iwwert den DPV gemach
 → Kontakt Tél: +352 49771 2332 oder volontariat@cgdis.lu

2021		
Februar	27.02.	Clervaux
März	20.03.	Beckerich
April	17.04.	Itzig
Mai	29.05.	Bascharage
Juni	26.06.	Larochette
Juli	24.07.	Clervaux
August	21.08.	Mamer
September	25.09.	Wasserbillig
Dezember	18.12.	Bascharage

Info gëtt et hei: <https://112.public.lu/fr/volontariat/Volontariat/testsportvolontaires.html>

Héi déi eenzel Etappen an der Carrière vun engem Jugendpompjeeë bildlech duergestallt:



Nieft interessanten Aktivitéiten a Teambuilding ginn um Wee vum Jugendpompjeeë zum operationelle Pompjee am CGDIS nämlech och eng Rei Echeancen déi een net verpasse soll fir dat de jonke Pompjee no senger flotter a léierräicher Zäit bei der Jugend och prett soll si fir kënnen als operationelle Pompjee am CGDIS un de Formatiounen, Permanencen an Asätz deelzehuelen.

Dëse Visuell ass och um Site 112.lu ënner «Publications» disponibel.

<https://112.public.lu/fr/publications/depliants/VumJugendpompjeeZumOperationellePompjee.html>

Bei weidere Froe kënnt Dir lech gär mam Departement vun de fräiwëllege Pompjeeë a Verbindung setzen (49771-2332 / volontariat@cgdis.lu)



Eng Foto vun engem Jugendpompjeeë (BACK Joé aus dem SaDiff), déi et sou just net an den Lëtzebuerger Pompjee gepackt huet, mä awer flott ass, gëtt dofir hei publizéiert. Merci

Nodeems eis Berichter duerch d'Jugendleeder ugeholl goufen, sicht den JFA eng néi Sekretärin, bass du interesséiert an engem flotten Team ze schaffen, dann mell dech beim Präsident Frank Hermes ënnert hermes1@pt.lu. Mir freeën eis elo schonns op dech!

Jugendpompjeeën

Betreff	JA	NEIN	Enthaltung
Bericht der Generalversammlung 2019	67		
Tätigkeitsbericht 2019	67		
Kassenbericht 2019	67		
Entlassung der Sekretärin des JFA	61		6

Op de leeschten Stéppel – E-MAIL säitens der DPV:

An der Newsletter fannt dir nach eng Kéier d' Nott betreffend Guidelines fir d'Aktivitéite vun de Jugenpompjeeën, wéi mir se am Januar verschéckt haaten.

Neierung – WICHTEG :

Opgrond vun neien Recommandatiounen vum Edukatiounsministère vun haut 5 Februar 2021, duerfen ab dem 8. Februar a bis den 21. Februar all Aktivitéiten just nach dobaussen stattfannen an dat am Respekt vun de gëltegen sanitäre Mossnahmen.

Un all Aktivitéit duerfe wéi virdrun och schon maximal 10 Leit deelhuefen. Souwuel Betreier, wéi och d'Kanner mussen e Mask droen.

Mir bieden iech dës Email un Är Chef d'unité jeunes pompiers weiderzeleeden.

Mat frëndleche Gréiss,

Département des pompiers volontaires



Luxembourg, le 15 janvier 2021

À l'attention de :

Chefs de zone

Chefs de centre

Chefs d'unité jeunes pompiers

Référence : 20210114_NDS_DCO_Aktivitéite Jugendpompjeeën
Affaire suivie par : Jean-Jacques Schroeder

**Objet :Guidelines – Aktivitéite vun de Jugendpompjeeën
Update vum Januar 2021**



Nodeems «Direction générale du secteur de la jeunesse» vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, den 11 Januar 2021 nei Consigné verëffentlecht huet, wëlle mir Iech mat dëser Nott op den neiste Stand bréngen wat d'Aktivitéite vun de Jugendpompjeeën betrëfft.

D'Nott vum 27 November 2020 (20201127_NDS_DCO_Aktivitéite Jugendpompjeeën) gëtt duerch des hei virleidend nei Recommandatioune komplett ersat an Dir brauch Iech just nach op dëst virleidend Dokument ze referéieren.

Aféierung

Et ass wichteg, a bësonnëch nodeems dëss fir eis allegueren ongewéinlech Situatioun elo scho bal ee Joer undauert, datt mir eis Jugendpompjeeën, an dëser och fir si komplizierter Zäit, net vernolëissen an hinne weider d'Méiglechkeet ginn, hirer Passioun «Pompjee» nozekommen. Virun allem déi Jonk vu 14-15 Joer, déi zäitno bei déi «Grouss» eropwiesselen wäerten, musse weiderhin op des wichteg Etapp virbereet ginn. Mä och déi méi kleng sollen d'Loscht un de Pompjeeën net verléieren!

Et ass natierlech och weiderhin wichteg, datt mir als Rettungsdéngschter operationell bliwen an net duerch d'Aktivitéite vun de Jugendpompjeeën riskéiere Leit a Quarantaine ze hunn oder am schlemmste Fall souguer unzestiechen.

Desweidere komme bei eis Kanner a Jugendlecher aus méi Schoulen a Betreuungsstrukturen zesammen, sou dat mir och eng grouss Verantwortung hunn, datt kee sech bei eis infizéiert a soumadder dann de Virus eventuell weider a senger Schoul oder soss Strukturen verbreet.

Verschidden CIS'en hunn dës ongewinnt Zäit genotzt, nei Konzepter auszeprobéieren a kreativ Léisungen ze fannen! Wisou net mol eng theoretesch Übung iwuer «Zoom» oder «Teams» organiséieren, deene Jonke kleng spannend Aufgaben zouschécken déi si dohem eleng oder mat hiren Elteren oder Geschwëster kënnen maachen? Och Aktivitéiten, déi ee gemeinsam awer mat Distanz kann ennerhuelen, wéi ee flotte Geocache dee jidderee muss fannen a léisen oder eng Trëppel- oder

Velochallenge wou een all d'Hydranten, respektiv Defibrillatoren, an engem Duerf oder Quartier muss fannen a fotograféiere, kënnen an dëser Zäit interessant sinn!

Allgemeng Richtlinnen

Et duerfen nie méi wéi 10 Leit beienee kommen.

Bei allen Aktivitéiten ass d'Droe vun enger Mask obligatoresch, dëst souwuel dobanne wéi dobaussen. Fir d'Jugendleiter/-helfer ass eng chirurgesch Mask obligatoresch, d'Jugendpompjeeën kënnen och een anere Schutz wéi z.B. eng Stoffmask oder ee Buff droen.

Wat Sportsaktivitéiten betrefft duerfe maximal 10 Persounen zësummekommen. Dëst awer nëmmen wann eng Distanz vun 2 Meter tëscht deenen eenzelnen Leit kann agehaale ginn.

Virun all Aktivitéit soll de Jugendleeder deene Jonken d'Gestes barrières an déi allgemeng Verhalensreegele widderhuelen:

- Ofstand vun 2 Meter anhalen
- Mask droen (dobannen an dobaussen)
- Hänn reegelméisseg wäschen oder desinfizéieren
- An den Ielebou houschten oder néitsen
- Moie soen ouni sech unzepaken
- Eewee-Nuesschnappecher benotzen an direkt nom Benotzen an eng Poubelle geheien
- Reegelméisseg léften (virun an no all Aktivitéit dobanne – a während enger Aktivitéit dobanne Dir oploossen an d'Fënsteren op Kipp stellen, respektiv reegelméisseg grouss léften).

Jiddereen dee krank ass oder sech krank spiert duerf net un Aktivitéite vun de Jugendpompjeeën deelhuele. Dat selwecht gëllt och fir Leit déi a Quarantaine, respektiv am Isolement sinn.

De Chef CIS muss iwwert all d'Aktivitéite vun de Jugendpompjeeën informéiert ginn an och mat der Duerchféierung averstane sinn. Déi Responsabel vun der «unité jeunes pompiers» sinn zoustännlech opzepassen dat déi virgeschriwwen Mossnahmen och agehaale ginn.

Aktivitéiten an Übunge vun de Jugendpompjeeën

Fir d'Jugendübunge komme folgend speziell Reegelen dobäi:

- Praktesch Aktivitéiten am Grupp si just zu maximal 10 Leit erlaabt. Besser ass et, des Gruppen nach weider a kleng Ënnergruppe vu 4 Léit ze splécken, fir esou d'Kontakter nach ze verréngeren. Dëse Prinzip ass soumadder änlech wéi bei den Erwuessenen, wou déi praktesch Übunge jo och maximal an enger Sektioon kënnen stattfannen. Als Besonneschkeet kënnt bei der Jugend nach de Jugendleiter/-helfer bei d'Sektioon dobäi, fir déi Jonk ze encadréieren.

- D'Aktivitéite sollen sou vill wéi méiglech **dobaussen** organiséiert ginn. Bei schlechtem Wieder ass et och eng alternativ Optioun, d'Asazgefirer virun d'Dier ze setzen an d'Garage fir d'Aktivitéit ze notzen, déi iwwert déi grouss Paarten och gutt a reegelméisseg geléift ka ginn, respektiv wou een d'Paarten oploossen kann.
- Coursen am Sätzen mat méi wéi 10 Léit an engem Raum, och wann d'Distanz vun 2m theoretesch kann a gehale ginn, sin net méi erlaabt.
- Ausserhalb vun der Aktivitéit duerf kee Jugendpompjee sech am CIS ophalen.
- Elteren duerfen net an de CIS erakommen.
- Gemeinsam Transporter an engem Déngschtwon sinn net erlaabt.
- Et ass eng Presenzlëscht ze féieren, wien wéini u wéi engen Aktivitéiten deelgeholl huet.
- Et ass aktuell net erlaabt, zesummen z'iessen oder eng Aktivitéit mat Iwwernuechtung duerchzuféieren. Kuerz Pausen, wou déi Jonk eppes drénken oder schneeke kënnen, solle just innerhalb vum Kontaktgrupp stattfannen an dëst och just a klenge Gruppe vun maximal 4 Leit beieneen. Des Pause sollen och am Sätzen organiséiert ginn.

Reunioune vun de Responsabelen

Des Reunioune sollen no Méiglechkeet virtuell duerchgefouert ginn. Wann dëst net méiglech ass, dann ass den d'Ofstand vun 2m an d'Droe vun enger chirurgescher Mask verpflichtend.



Paul Schroeder
Directeur général



**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!
Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen (gemäss neiem Date-Gesetz), da sot eis Bescheid.**